PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An engem Interview mat RTL huet de Wunnengsbauminister wësse gedoen, dass de Staat wäert 2 Projeten an der Stad an am Süde vum Land vu Promoteuren ofkafen. Fir dës Wunnenge leet de Staat 55 Milliounen Euro op den Dësch.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op RTL heescht et "bei zwee Projete vun ëm 90 Wunnengen an der Stad Lëtzebuerg an am Süde vum Land." Wéi vill Wunnengen wäerten et genau sinn?
2. Wéi vill m2 wäerten déi eenzel Wunnengen hunn?
3. Wéi vill kaschten déi jeeweileg Projeten eenzel gekuckt?
4. Vu wei enge Firme wäerten dës Wunnengen ofkaaft ginn?
5. Wou genau läit den Projet am Süden vum Land deen soll opkaaft ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten